



Lëtzebuerg, den 11. Juni 2021

EBL - Generalversammlung 2021

Ordre du jour

- Begréissung an Usprooch vum President
- Feststelle vun der Beschlussfäegkeet
- Tätigkeetsbericht 2020
- Finanzbericht 2020
- Bericht vun de Caisserevisoren
- Präsentatioun vum Budget 2020
- Neiwahl an eventuell Erweiterung vum Comité
- Proposition fir Ännerung vun de Statuten
- Ausbléck op 2021
- Divers

Léif EBL-Memberen a Gemengen,

Gäre géife mir lech op eiser Generalversammlung 2021 begréissen:

Dënschdes, 29. Juni vun 18h00 - 19h30
(uschléissend lessen, fir deen dee wëll)

'Am Péitche Lauer'
4, Am Trémel L-8706 Useldange

Mir géifen lech bieden, lech iwwert Email info@ebl.lu un- oder ofzemellen, eis ze soen ob dir wëllt mat iessen an äere Menu unzeginn.

Privatmember déi net kënnen deelhuele, géife mir bieden, hiert Stëmmrecht un eng drëtt Persoun ze ginn, duerch eng Vollmuecht-

deklaratioun (an der Annex). Dëst ass wichteg fir d'Beschlussfäegkeet vun der AG ze garantéieren.

Sot eis w.e.g. bis de 25. Juni Bescheed, ob Dir un der Generalversammlung kënnt deelhuele.

Mir hoffen lech op der AG begréissen ze däerfen, a freeën eis op e flotten Owend!

E frëndleche Bonjour
D'EBL-Team an de ganze Comité